# ET STINN WALEN AN D'HAUS

- Dëst Joer sinn **Gemengewalen** an dat Joer drop sinn **Landeswalen**.

- Do interesséiert et de Wieler aus der Stengeforter Gemeng – egal wéi eng Positioun hien dozou huet – wéi et mam **Projet Stengeforter Containerduerf** steet…
  D'Regierung huet de Projet jo „op Äis" geluecht a wëll ofwaarden, wei et mat de Recours'en weidergeet, déi eis Biergerinitiativ géint dat Containerduerf beim Verwaltungsgeriicht agereecht huet.

- Am léifsten géifen d'Politiker de **Sujet „Containerduerf"** aus dem Walkampf eraushalen – andeems se d'Leit gleewen loossen de Projet wär vum Dësch; dat ass et awer leider net – ganz am Géigendeel.

- D'Regierung hat jo de POS Containerduerf Stengefort trotz lafenden Recours'en ugeholl. Eréischt nodeems eis Biergerinitiativ virum Verwaltungsgeriicht gewonnen hat, huet Regierung beschloss dëse POS, esou laang wéi d'Recours'en lafen, „anzefréieren" an endlech déi Emweltstudien ze maachen, déi vun Ufank un hätten missen gemaach ginn.
  **Dat heescht net datt dat Containerduerf definitiv vum Dësch ass, mee just datt am Moment net gebaut gëtt!** Dat kéint sech zu all Moment, och gläich no de Walen – änneren! Well opginn huet d'Regierung de Projet Containerduerf Stengefort op kee Fall!

- Eise **Buergermeeschter** huet d'Engagement geholl, keen Containerduerf mat méi wéi 100 Leit déi de Statut schon hunn z'autoriséieren. Dëst Engagement gëtt theoretesch och vum ganzen Gemengerot, also vun Majoritéit an Oppositioun, gedroen!

- De Buergermeeschter seet aus, datt hien am léifsten keen Containerduerf hätt, an déi 100 Leit a bestoende, klengen Gebaier ophuelen wéilt. Hien versprécht, keng Baugenehmegung fir e Containerduerf ze ginn, esou laang d'Recours'en lafen. An och duerno nëmmen dann, wann d'Gerichter d'Projet'en vun der Regierung géifen bestätegen.
  An de Jean-Marie Wirth ass **e Mann vu Wuert** – da kenne mer och dorop zielen!

- Dat Wuert gëllt awer nëmmen dann, wann den Här Wirth Buergermeeschter bleift – bei Walen weess een awer ni am Viraus wéi et ausgeet! Mir hätten deemno léiwer, datt och seng Partei, d'**CSV**, déi Ausso an hirem **Walprogramm** festhält!

- Wat ass der lokaler **LSAP** hir **Positioun**? Ass et déi vun der Regierung? An deem Fall wéisste mir jo, datt mir mat engem LSAP Buergermeeschter e Containerduerf mat 300 bis 600 Primo-Arrivant'en, also mat Leit ouni Flüchtlingsstatut, kréichen!

- Wat seet d'lokal **DP**? Ass si op der Linn vun hirer lokaler Majoritéit oder op där vun der Regierung? Wat ass no de Walen?

# EIS BIERGERINITIATIV FUERDERT:

- **Kloer Aussoen** vun de Parteien am Kader vun hirer **Walcampagne**, op lokaler a nationaler Basis!

- Datt eng Unzuel vun maximal 100 Leit **mat unerkanntem Flüchtlingsstatut a schonns existéierenden Haiser a klenge Gebaier** iwwert d'ganz Gemeng Stengefort verdeelt opgeholl ginn. Nëmmen sou ass eng Integratioun méiglech an eiser Gemeng!

- **Keen Opfanglager fir Primo-Arrivant'en**, och keent mat 100 Leit – dat schaaft eng „Ghettoiséierung" an ass keng Integratioun!

- **Nei Wunnquartieren mat enger reeller Mixitéit schafen**, op Plazen déi dofir geduecht an am PAG vun der Gemeng dofir virgesinn sinn.
  Et hëlleft kengem een Opfanglager vun 100 Leit oder méi ze schafen, an e puer Wunnengen ronderëm ze setzen, souzesoen als Pretext. Dat ass keng Mixitéit an dat ass och keng Integratioun!

- **D'Problemer net ënnert den Dësch ze kieren!** Opfanglageren bréngen Problemer a schafen eng Ghettoiséierung bei de Leit, déi do zesummegepercht sinn!
  Wéi reell déi Problemer sinn déi duerch sou e Ghetto entstinn, egal wien do sëtzt, weist sech am Ausland an och schonn an den Halen um Kierchbierg!

- D'Politiker sinn do fir hire Wieler nohalteg Léisungen ze proposéieren a Wäitsiicht ze hunn, a net fir ze waarden, datt d'Problemer sech vum selwen léisen oder Feeler anzegestoen wann d'Kar am Dreck läit!

Eis Biergerinitiativ wäert de Politiker weiderhin hëllefen, **d'Thema Containerduerf net einfach bis no de Walen ze „vergiessen"**, an duerno ze maachen wat si wëllen!

Bescht Gréiss, Januar 2017

**Biergerinitiativ „Keen Containerduerf am Duerf" a.s.b.l.**
**(association sans but lucratif)**